
wat sees du?

# DEBATE

# CLUB

# Intro
Intro
Intro

*Beim Debattéieren geet et drëm, e Gespréich ze féieren an doranner e Standpunkt ze vertrieden. Dofir brauch een Argumenter. An dëser Challenge léiere Schülerinnen a Schüler op eng spilleresch Aart a Weis den Ënnerscheed tëscht enger spontaner an enger reflektéierter Meenung kennen. Si sinn amstand, Argumenter ze erkennen souwéi zu engem Thema Argumenter ze fannen, fir hire Standpunkt ze ënnerstträichen. Doriwwer eraus sollen se hir Argumenter op eng kreativ Aart a Weis duerstellen. Déi Klass mat de beschten Argumenter a mat der kreatiivster Aart a Weis, dës ze presentéieren, gewënnt dës Challenge.*



«?»!*&%()

# Virbereedung an 3 Schrëtt

- Ech bilde mir eng Meenung
- Argumenter erkennen a selwer formuléieren
- Argumentéieren am Grupp

wat sees du?
DEBATE CLUB


# Ech bilde mir eng Meenung

## 1. Spontan Meenung



De Klassesall gëtt an dräi Beräicher opgedeelt: „Ech si ganz dofir /Jo“, „Ech si ganz dogéint /Nee“, „Ech si weder ganz dofir, nach ganz dogéint“. D’Kanner stinn an de Mëtt. D’Léierpersoun notzt e puer Theemekaarten a liest d’Froen oder d’Aussoe vir. D’Kanner solle ganz spontan an dee Beräich goen, dee fir hir Meenung steet. D’Léierpersoun kann esou vill Theemekaarten notzen, wéi si wëllt. Si kann och gären eege Froe stellen. Wichteg ass awer, dat déi lescht Theemekaart déi folgend wär:

**Ass et besser an engem Boot ze wunnen ewéi an engem Haus?**



# 2. Ech erkennen Argumenter



*Dat lescht Beispill gëtt elo a Form vun enger Liesgeschicht virgedroen. Dobäi sollen d'Schülerinnen an d'Schüler d'Behaaptungen erkennen an déi zwee Virdeeler an déi zwee Nodeeler identifizéieren.*

*Duerno gëtt d'Fro nach eemol gestallt a gekuckt, ob d'Kanner sech elo, nodeems si méi iwwert de Sujet reflektéiert hunn, anescht dohistellen.*

# Argumenter erkennen a selwer formuléieren

*D'Kanner denken sech am Grupp nach weider Argumenter dofir an dogéint aus. Dobäi soll och schonn op de richtegen Opbau vun Argumenter opgepasst ginn: also Behaaptung, Begrënnung a Beispill. Si kucke sech nach emol d'Liesgeschicht un an identifizéieren all Behaaptung, Begrënnung a Beispill, déi si fannen.*

*Fir dat weider ze üben, sollen zu enger neier Fro:*

**„Soll jiddwereen an der Klass en Hond als Hausdéier hunn?",**

*Argumentdeeler op Kaarten ze fanne sinn, déi da vun de Kanner richteg sollen zesummegesat ginn.*



# Argumentéieren am Grupp

## 1. An der Welt vun den Dinosaurier



*D'Kanner iwwerleeën sech en Alldagsgéigestand an notéieren deen op engem Ziedel. Da ginn d'Ziedelen nei gemëscht a verdeelt. D'Schülerinnen an d'Schüler sëtzen an 2er-Teams zesummen. Si mussen elo à Tour de Rôle argumentéieren, firwat de Géigestand op deem Ziedel, deen si kruten, am beschten dofir gëeegent ass, wann een an der Welt vun den Dinosaurier misst liewen. All Schülerin a Schüler soll op d'mannst 5 Minutten argumentéieren.*

*Zum Schluss stellt all Schülerin a Schüler dee Géigestand, deen hatt oder hie kritt huet, an der Klass kuerz vir an nennt säin Haaptargument. D'Klass wielt hannenno dat bescht Argument aus. Wichteg ass et och hei, datt all Argument aus enger Behaaptung, enger Begrënnung an engem Beispill besteet:*

> *Beispill: Zahnpasta*
> *- Zahnpasta richt gutt. Si besteet aus enger Crème, an déi Friichten oder Kraider dragemaach goufen. Wann ech vun engem Dinosaurier verfollegt ginn, kann ech d'Zahnpasta verdeelen an den Dinosaurier richt mech net méi, mee just nach d'Zahnpasta.*

# 2. Gruppenaarbecht

*D'Klass gëtt an zwou Gruppen opgedeelt. Ee Grupp ass dofir, muss also Pro-Argumenter fannen, an ee Grupp ass dogéint a sicht Contra-Argumenter.*

*Et gëtt eng Kaart gezu mat enger Fro an d'Schüle-rinnen an d'Schüler formuléieren hir Argumenter. Si tausche sech am Grupp aus a sammelen déi bescht Argumenter. Duerno treffe si op deen anere Grupp. All Grupp stellt seng Argumenter vir.*



wat sees du?
DEBATE CLUB



*Follgend Theema sollt vun de Schülerinnen an de Schüler opgeschafft ginn:*

## *Sollten Déieren dierfen an engem Zoo gehale ginn?*

*D'Schülerinnen an d'Schüler formuléieren esouwuel Pro- ewéi och Géigenargumenter. Dës Argumenter sollen hannenno présentéiert an op de Site www.levelup.lu eropgeluede ginn. D'Form vun der Präsentatioun ass komplett fräi. Vu Poster, Video, Audio asw. gëtt alles ugeholl. Bewäert gëtt d'Klass op d'Kreativitéit, op eng gefleegt Duerstellung an op d'Argumentatioun.*

# Den Challenge

# Materialien

Materialien
Materialien
Materialien
Materialien

«?»!*&%(/)

wat sees du?

DEBATE CLUB

# Geschicht

## Déi aussergewéinlech Wunneng vum Patrick

Beim Debattéieren geet et drëm, e Gespréich ze féieren an doranner e Standpunkt ze vertrieden. Dofir brauch een Argumenter. An dëser Challenge léiere Schülerinnen a Schüler op eng spilleresch Aart a Weis den Ënnerscheed tëscht enger spontaner an enger reflektéierter Meenung kennen. Si sinn amstand, Argumenter ze erkennen souwéi zu engem Thema Argumenter ze fannen, fir hire Standpunkt ze ënnersträichen. Doriwwer eraus sollen se hir Argumenter op eng kreativ Aart a Weis duerstellen. Déi Klass mat de beschten Argumenter a mat der kreatiivster Aart a Weis, dës ze presentéieren, gewënnt dës Challenge.






De Patrick géif säi Boot net méi géint en normaalt Haus tauschen. Wat ass besser, an engem Haus ze wunnen oder op engem Boot? Wat mengs du?

wat sees du?
DEBATE CLUB



wat sees du? DEBATE CLUB



# Musterléisung

## Soll jiddwereen an der Klass en Hond als Hausdéier hunn?

*Hënn si besonnesch trei Déieren. / Si gi mat engem duerch déck an dënn. / Den Hond vu mengem Noper waart all owes scho bei der Viischter Dier op hien, wann hien heemkënnt.*

*Duerch Hënn ass ee méi an der Natur. / Mat engem Hond muss een dacks spadséiere goen. / Ech sinn dacks an der Wiss a spille mat mengem Hond Ballschéissen.*

*Hënn verbreede gutt Laun. / Si wëllen ëmmer spillen. / Wann d'Susie mol traureg ass, da geet hatt mat sengem Hond Frisbee spillen. Dat mécht hatt nees richteg frou.*

*Hënn verdroen sech net gutt mat aneren Hausdéieren. / Si gi ganz séier neidesch, wann ee mat aneren Déiere spillt. / Mäin Hond rennt ëmmer der Kaz vum Noper hannendrun.*

*Hënn kënne krank maachen. / Et gi Leit, déi eng Allergie op Hondshoer hunn. / Mäi Monni kritt rout Punkten op der Haut, wann hien ze no bei engem Hond steet.*

*Duerch Hënn huet ee méi Frënn. / Wann ee mat engem Hond spadséiere geet, begéint een dacks Leit, déi och mat hirem Hond tréppele ginn an da schwätzt ee mateneen. / Mäi Brudder huet vill nei Kolleegen an der Hondsschoul kennegeléiert.*

*Hënn si gutt fir d'Gesondheet. / E Mupp brauch vill Auslaf. / Mäi Bopi ass vill un der fréscher Loft mat sengem Hond an hie fillt sech doduerch nach richteg fit.*



Hënn si besonnesch trei Déieren.

wat sees du?
DEBATE CLUB

Duerch Hënn ass ee méi an der Natur.

Hënn verbreede gutt Laun.

Hënn verdroen sech net gutt mat aneren Hausdéieren.

Hënn kënne krank maachen.

Duerch Hënn huet ee méi Frënn.

Hënn si gutt fir d'Gesondheet.

wat sees du?
DEBATE CLUB

E Mupp brauch vill Auslaf.

Wann ee mat engem Hond spadséiere geet, begéint een dacks Leit, déi och mat hirem Hond tréppele ginn an da schwätzt ee mateneen.

Mat engem Hond muss een dacks spadséiere goen.

Si gi ganz séier neidesch, wann ee mat aneren Déiere spillt.

Et gi Leit, déi eng Allergie op Hondshoer hunn.

Si wëllen ëmmer spillen.

Si gi mat engem duerch déck an dënn.

Den Hond vu mengem Noper waart all owes scho bei der Viischter Dier op hien, wann hien heemkënnt.

Ech sinn dacks an der Wiss a spille mat mengem Hond Ballschéissen.

Wann d'Susie mol traureg ass, da geet hatt mat sengem Hond Frisbee spillen. Dat mécht hatt nees richteg frou.

Mäi Monni kritt rout Punkten op der Haut, wann hien ze no bei engem Hond steet.

Mäin Hond rennt ëmmer der Kaz vum Noper hannendrun.

Mäi Brudder huet vill nei Kolleegen an der Hondsschoul kennegeléiert.

Mäi Bopi ass vill un der fréscher Loft mat sengem Hond an hie fillt sech doduerch nach richteg fit.


YOUHUU


# Sollt an der Gemeng eng ganz grouss Spillplaz oder méi där klenger gebaut ginn?

wat sees du?
DEBATE
CLUB


BRUUM
BRUUM


# Sollten Autoe verbueden an duerch méi Busser an Zich ersat ginn?

wat sees du?
DEBATE CLUB


SCHOOL!
!SCHOOL

# Sollt et an der Schoul guer keng Reegele méi ginn?

wat sees du?
DEBATE CLUB



# Sollten d'Kleeder gratis sinn, awer dofir all Kand dat selwecht unhunn?

wat sees du? DEBATE CLUB


...DRING.

# Soll d'Sëtzuerdnung am Klassesall geännert ginn?

wat sees du?
DEBATE CLUB



# Sollt an der Schoul all Kand dat selwecht an der Paus iessen?

DEBATE CLUB

wat sees du?



# Sollt et keng Hausaufgabe méi ginn, awer dofir d'Schoul méi laang daueren?

wat sees du?
DEBATE CLUB


oh lala
A
oh lala

# Sollt amplaz vu Rechne méi Franséisch an der Schoul geléiert ginn?

wat sees du?
DEBATE CLUB



**Sollt ee léiwer Sue spueren, ewéi se direkt auszeginn?**

DEBATE CLUB
wat sees du?



# Ass et besser, an engem Boot ze wunnen ewéi an engem Haus?

wat sees du?
DEBATE
CLUB




# Ass en Hond ee bessert Hausdéier ewéi eng Kaz?



wat sees du?
DEBATE CLUB



# Et ass besser dobannen ze spillen ewéi dobaussen.



wat sees du?
DEBATE CLUB



**Et ass besser räich ze sinn ewéi glécklech.**

wat sees du?
DEBATE
CLUB